LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister, Georges Mischo, op d'parlamentaresch Fro n°2962 vum 30.09.2025 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement**

**1°Wëssend dass, op den 31.12.2024 1087 Veräiner aus 52 Federatiounen eng Demande fir dës finanziell Ënnerstëtzung maache kënnen, wéi vill Demandë sinn op den Datum vum 30ten September 2025 am Sportsministère erakomm?**

Op den 31.12.2024 sinn insgesamt 1287 Veräiner eligibel fir eng Demande fir den "subside de base" respektiv den "subside qualité+" ze maachen.

Bis zum Stéchdatum vum 30.9.2025 sinn 415 Demanden erakomm.

**2°Wëssend dass den Delai laut entspriechendem groussherzoglechem Reglement fir esou eng Demande anzereechen den 30. September 2025 ofgelaf ass, huet de Minister déi betreffend Veräiner, déi bis zum 1te September nach keng Demande gemaach haten, dorunner erënnert**?

Den 8.9.2025 ass e Rappel iwwert Federatiounen un Veräiner per email geschéckt ginn. Ausserdeem gouf den 9.9.2025 e Webinar zum Thema "subside de base et subside qualité +" ofgehalen, Webinar un dem eng Ronn 130 Leit Deel geholl hunn. Dës weideren gouf och nach iwwert d'sozial Reseauen op den Delai vum 30.9.2025 higewisen.

**3°Wäert de Sportminister, esou wéi schonn am Joer 2024, och eventuell dëst Joer dësen Delai, deen am groussherzogleche Reglement festgehalen ass, am Sënn vum Sport liicht no hanne réckelen?**

Neen, duerfir gëtt et dëst Joer keen Grond well mat 415 Demanden d'Resultat vun de Joren virdrun iwwerschratt ass ( 2024: 401 Demanden) .

**4°Wou sinn d'Iwwerleeunge vun der am Regierungsprogramm ugekënnegter Reform vun dëse Subsiden un d'Sportveräiner drun, dëst zumools wou schonn am Januar 2024 Conclusiounen dozou am Conseil supérieur des Sports gezu gi waren?**

En Avant-projet de loi ass an der Ausaarbechtung an wäert Enn 2025 em Regierungsrot virgestallt ginn.

**5°An der Sitzung vun der Sportskommissioun vun der Chamber vum 24. Januar 2024 huet de Minister vun Abusen am Kontext vum Subsid Qualité + geschwat. Kann de Minister dëst verdéiwen a soe wéi hien eventuell dogéint well virgoen, och scho virum Akraafttriede vun der Reform?**

Effektiv stellen meng Servicer bei der Analyse vun den Demanden des Öfteren Onreegelméissegkeeten am Zesummenhang vun den Krittären aus dem groossherzoglechem Reglement fest, wat dozou féiert dass des Veräiner net eligibel fir den "Subside qualité+" sinn.

**Lëtzebuerg, den 21.10.2025**
De Sportsminister
(s.) Georges Mischo